Gesang vun de Fiiss fir d'Jeeër

Dem Renert hu se an der Stad
En herrlecht Monument gesat
An d'Fiiss am Bambësch musse béissen
Wann se voll Freed rëm op se schéissen

De Renert, so'n se, hätt e Frack
An huet héich literaresch Éieren
Do fro' mer eis, wat fir eng Brütt
Lo mengt, si misst eis reguléieren?

Fiiss wëlle net wéi d'Mënsche ginn
A Freed drun hunn, mam Doud ze spillen
Mär friesse, wa mer hongreg sinn
Mär hu kee blöde Spaas um Killen

Mär friesse gären Hingerfleesch
Dann hetzt der d'Honn op eis, wéi wëll
O mammomamm, sidd der lo queesch?
Friesst där net och emol eng Pëll ?

Fir jiddwer Fiisschen deen der kritt
Werft d'Fuussemamm iech flott zwee neier
Fir een dee fällt, stinn zwee der op
An d'Munitioun gëtt iech eng deier

Och Gas a Klappjuegd ass guer näischt
Mat deem ee géint de Fiissche kënnt
Well mär si vu Natur méi schlau
Wéi all domm Sau mat enger Flënt

De klenge Renert